ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5467 schreift den Här Minister mat Bezuch op sonor Radaren, datt „différents seuils d'émission sonores sont applicables". Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Minister:

1. Kaméidi duerch de Stroosseverkéier ass an eiser Gesellschaft praktesch dee ganzen Dag present. De stéierenden, jo ongesonde Kaméidi gëtt vun der Medezin un eendeitegen Dezibelzuele festgemaach. Firwat sinn déi ënnerschiddlech Kaméidi-Wäerter, opgrond vu medizineschen Erkenntnësser, bis elo net op ee präzise, maximalen Dezibel-Wäert limitéiert ginn?
2. Ass et de Sécherheetskräften méiglech, ouni genee Miessung vum Kaméidi an ouni Radarënnerstëtzung, eenzel Gefierer, déi am Stroosseverkéier als extrem haart opfalen, unzehalen? Wéi eng Interventiounsméiglechkeete bestinn an esou engem Fall?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten